ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

N°5742
Reçue le 11.02.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 11.02.2022

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11. Februar 2022

Här President,
esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

A senger Äntwert op déi mëndlech Fro Nr. 290 vun der honorabler Madamm Deputéiert Diane Adehm iwwer Walkampfaffichë vum franséische Presidentschaftskandidat Eric Zemmour an der Europaschoul zu Mamer (Séance publique Nr. 32 vum 8. Februar 2022) huet den Här Minister gesot: "Natierlech kann een iwwer politesch Bildung nëmme gutt eppes maachen, wann een och mat Politiker vun ënnerschiddleche Parteien, an domat awer och wierklech vum ganze Parteiespektrum, an och zesumme mol eppes ka maachen. Dat ass och an de Schoule Politik fir unzepaken, dat ass an de Schoulen och ganz konkret de Schüler gewisen, wat Politiker soen. Dofir wëlle mer och schonn Presenz vu Politiker an de Schoulen hunn, mee natierlech muss et politesch neutral sinn, an et muss equilibréiert sinn, net equilibréiert onbedéngt pro Veranstaltung, mee equilibréiert an der Durée, sou datt do eigentlech och all politesch Couleur méi oder manner zur Geltung kommen an domat och de politesche Spektrum de Schüler kann gewise ginn."

An deem Zesummenhank hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

1) Kann den Här Minister eis eng Lëscht presentéiere mat allen Table-ronden, déi tëscht 2013 an 2021 an de Lëtzebuerger Schoulen organiséiert goufen, fir de Schüler vun eisem Land ze weisen, "wat Politiker soen"?
2) Wéi eng Ministeren, a méi allgemeng: wéi eng Politiker a Vertrieder vu Parteie goufen op dës Table-ronden invitéiert, a wéi dacks? Ginn et Parteien, bzw. "sensibilités politiques", déi op kenger vun dësen Table-ronden invitéiert goufen? Wa jo, aus wéi enge Grënn goufen dës Parteien net invitéiert?
3) Geet den Här Minister dervun aus, datt bei dësen Table-ronden "all politesch Couleur méi oder manner zur Geltung" komm ass an domat d'Schüler sech "och wierklech vum ganze Parteiespektrum" een neutraalt Bild maache konnten?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup, Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 5742 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup**

Am Zesummenhang mam Sujet, deen den honorabelen Deputéierten a senger Fro opwerft, wëll ech nach eng Kéier ënnerstäichen, datt d'politesch Bildung e wichtege Bestanddeel vun deem ass, wat d'Schoul eise jonke Leit ka matginn op hirem Wee zu mündege Bierger. Selbstverständlech muss dobäi d'Pluralitéit vun de politesche Stréimunge respektéiert ginn, grad ewéi de néidegen Equiliber an déi néideg Neutralitéit.

Nieft den Enseignanten, déi politesch Sujeten am Kader vun hire respektive Fächer wéi zum Beispill der Geschicht, dem Fach *Vie et société* oder der *Instruction civique* abordéieren, spillen och aner Acteuren eng Roll. Hei sief an éischter Linn, a fir dem honorabelen Deputéierten seng Fro ze beäntwerten, de Jugendrot erwäänt, deen traditionell virun de Walen Table-rondë mat jonke Politiker vun alle Parteien organiséiert.

| ***Walen*** | ***Schoulen*** | ***Vertruede Parteien*** |
|---|---|---|
| **Legislativwalen 2013** | Lycée de Garçons Esch/Alz.<br>Lycée technique agricole<br>Lycée technique de Bonnevoie<br>Lycée Ermesinde<br>Lycée Aline Mayrisch Luxemb.<br>Lycée Joseph Bech Grevenm. | ADRenalin, CSJ, déi jonk Gréng, déi Lénk Jeunes, JDL, Jonk Piraten, Jonk Sozialisten, KPL Jeunesse, PID |
| **Europawalen 2014** | École européenne Mamer<br>Atertlycée<br>Lycée Joseph Bech Grevenm.<br>Lycée Nic-Biever<br>Lycée classique d'Echternach<br>Lycée de Garçons Esch/Alz.<br>Lycée Hubert Clement.<br>Athénée de Luxembourg<br>Lycée de Garçons Luxembourg | Et waren opgefuerdert deelzehuelen, all "*partis politiques (de préférence un jeune candidat de la liste électorale) qui ont présenté des listes aux élections nationales et européennes*". |
| **Gemengewalen 2017** | Lycée Michel Lucius<br>Lycée Bel-Val<br>Lycée classique Diekirch | idem |
| **Legislativwalen 2018** | Lycée Bel-Val<br>Lycée Michel Lucius<br>Lycée Mathias Adam<br>Lycée classique d'Echternach<br>Lycée classique Diekirch | ADRenalin, CSJ, déi jonk Gréng, déi Lénk Jeunes, JDL, Piraten, Jonk Sozialisten, KPL Jeunesse, déi Konservativ, Demokratie 2018 |

| | | |
|---|---|---|
| | Forum Geesseknäppchen<br>Lycée Robert-Schuman<br>Lycée du Nord Wiltz<br>Lycée technique d'Ettelbruck<br>Maacher Lycée | |
| **Europawalen 2019** | Lycée Michel Rodange<br>Lycée du Nord Wiltz<br>Lycée Nic-Biever<br>Schengenlyzeum<br>École Ste. Anne/Lycée technique agricole | ADR, CSV, déi jonk Gréng, déi Konservativ, déi Lénk, DP, KPL, LSAP, Piraten, Volt Lëtzbuerg |

Ech ginn dovun aus, datt dës Table-ronden de Prinzipie vu Pluralitéit, Equiliber an Neutralitéit entsprach hunn, déi ech méi uewe genannt hunn.

Ech wëll awer hei och d'Aarbecht vun engem aneren Acteur beliichten, deen an dësem Kontext eng ëmmer méi wichteg Roll spillt: den Zentrum fir politesch Bildung (ZpB).

Am Kontext vun de Walen huet den ZpB zesumme mat der Universitéit Lëtzebuerg d'Voting Advice Application (VAA) Smartwielen entwéckelt; dobäi gouf och dat entspriechend pedagogescht Begleetmaterial zur Verfügung gestallt. An der Applikatioun ginn all Parteie gläichberechtegt presentéiert.

Den Ament developpéiert den ZpB ee vergläichbaren Tool, deen ausserhalb vu Walzäiten eng Beschäftegung mat den Inhalter vu Parteiprogrammer an engem pedagogesche Kontext erméigleche soll. Och an deem Tool sollen all Parteie gläichberechtegt duergestallt ginn.

An der Publikatiounsrei *mateneen* vum ZpB wäert sech dat nächst Themenheft ë. a. mat der Interventioun vu politesche Parteien a Politiker am Schoulkontext beschäftegen, an de Schoulen och eng entspriechend Hëllef proposéieren; esou huet den ZpB schonn eng Formation continue ugebueden zum Thema "Politik gehéiert net an d'Schoul?", déi sech der Problematik unhëlt, wéi een eng Visitt vun Deputéierten an anere Politiker esou ka gestalten, datt déi uewe genannte Prinzipie vu politescher Pluralitéit, Equiliber an Neutralitéit respektéiert ginn.

Am Kader vum Projet "MengChamber" huet den ZpB zesumme mat der Chamber ee Projet an der Testphas, wou Schülerinnen a Schüler an der Chamber mat Deputéierte kënne fir en Austausch zesummekommen. All Parteien, déi an der Chamber vertruede sinn, hunn sech un deem Projet bedeelegt.

Lëtzebuerg, de 15. Mäerz 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH